N°340
Entrée le 19.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n° 340 vum 15. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Sinn d'Evaluatiounen zum leschte PNLT allegeurten ofgeschloss? Falls jo, wéini ginn d'Konklusioune publizéiert? Falls nee, wéi een Zäitplang ass hei festgeluecht ginn?*
*2. Wou sinn d'Aarbechten zum neie PNLT drun? Wéi een Zäitplang ass hei festgeluecht ginn?*
*3. Wat wäerten déi grouss Prioritéite vum neie PNLT sinn?*

Wéi den Accord de coalition erkläert, wäerten all d'Pläng a Programmen eng Qualitéits- an Effizienzanalyse duerchlafen. Je no de Resultater vun dësen Analysen wäerten déi néideg Upassungen virgeholl ginn.

*4. Wäerten déi nei Generatioun un Tubaksproduiten och Deel vum neie PNLT sinn?*

Déi nei Generatioun un Tubaksproduiten wäerten an eiser Lutte géint den Tabagisme mat ofgedeckt ginn.

*5. Wäerten d'Gesondheetsdëscher aus der leschter Legislaturperiod an domat den Echange mat villen Acteure vum Terrain weidergefouert ginn? Falls nee, aus wéi enge Grënn ginn dës net weidergefouert?*

Den direkten Echange mat den Acteure vum Terrain ass fir déi nei Regierung immens wichteg. Dee wäert selon les besoins en bilatéral oder an enger méi grousser Concertatioun mat de verschiddenen Acteure statt fannen.

*6. Wäert de Budget fir d'Joer 2024 Recetten aus méiglechen Taxen op elektroneschen Zigaretten an Nikotin-Säckelcher enthalen?*

De Budgetgesetzesprojet fir d'Joer 2024 (n°8383), deen de 6. Mäerz 2024 an der Chamber déposéiert gouf, gesäit vir, dass d'E-Liquiden fir elektronesch Zigaretten an d'Nikotin-Säckelcher vum 1. Oktober 2024 un, zu Lëtzebuerg mat Akzise besteiert ginn. Ee groussherzoglecht Reglement, dat parallel zum virgenannte Budgetsgesetz op den Instanzewee geschéckt gouf, gesäit effektiv Tauxe vun 120€/Liter fir d'E-Liquiden an 22€/kg fir d'Nikotin-Säckelcher vir.

*7. Op Basis vu wéi engen Zuelen, Observatiounen, Echangë mat betraffenen Acteuren a Konklusiounen ass d'Entscheedung getraff ginn den uewen zitéierten Amendement am Kader vun der Direktive (EU)2015/1535 ze proposéieren?*

Deen zitéierten Amendement ass ni déposéiert ginn. De Projet de loi deen ënnerwee ass setzt d'Directive em a gëtt esou wéi an der Äntwert 6 beschriwwe kompletéiert.

Lëtzebuerg, den 19. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez